piraten.lu

N°4653
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

An engem gemeinsame Communiqué vum 18. August 2026 hunn den OGBL an de LCGB drop higewisen, datt d'Kyndryl zanter dem 9. Juli 2026 vun engem Plan social a sengem eegene Betrib wousst, deen op d'mannst 24 Salariéë betrëfft, an datt dës Informatioun der Direktioun vun der BIL zu kengem Moment matgedeelt gouf. Betraff sinn déi ronn 130 Salariéen, déi den 1. September 2026 vun der BIL op d'Kyndryl transferéiert ginn.

D'BIL hirersäits weist drop hin, datt d'Kyndryl am Mee 2026 ëffentlech e weltwäite Rééquilibrage vun hiren Effektiver ugekënnegt hätt, an datt déi zwee Dossieren net matenee verbonne wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'ITM iwwer de Plan social bei der Kyndryl Luxembourg forméiert ginn, a wa jo, zu wéi engem Datum?

2. Ëmfaasst d'Informatiouns- a Konsultatiounsflicht aus dem Artikel L.127-2 och Informatiounen iwwer d'sozial Situatioun vum Iwwerhuelenden? Muss en Iwwerhuelenden eng lafend oder geplangten Ëmstrukturéierung a sengem eegene Betrib de Vertrieder vun de Salariéen, déi transferéiert ginn, matdeelen?

3. Wann esou eng Informatioun net matgedeelt gëtt, wéi eng Konsequenze gesäit d'Gesetz vir? Kann de Betribsiwwergang doduerch a Fro gestallt oder ugefecht ginn, a vu wiem?

4. Ass de Cédant, an dësem Fall d'BIL, verflicht, sech iwwer d'sozial Situatioun vum Iwwerhuelenden

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

ze vergewësseren, ier hien e Betribsdeel ofgëtt?

5. Wéi eng juristesch Wäertegkeet huet eng vertraglech Aarbechtsplazgarantie, déi tëscht zwee private Betriber vereinbaart gëtt? Kënnen déi betraffe Salariéen sech direkt drop beruffen, a viru wéi enger Instanz?

6. Gedenkt d'Regierung d'Entwécklung vun de Beschäftegungsverhältnisser vun de betraffene Salariéen ze suivéieren, och nom Oflaf vun der Garantie vun zwee Joer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten